Acteuren ze maachen, dat gesi mir am Moment am Zesummenhang mat der internationaler Kreditkris, déi sech fir d'éischt zu enger Liquiditéitskris, enger Vertrauenskris, a finalement och zu engem seriöe Réckschlag fir d'Realekonomie entwéckelt huet.

Dat huet net direkt, awer indirekt mat eisem Projet vun haut ze dinn, well et ëm d'Fro geet, wat fir Moyenë sech d'Politik um nationalen an um internationalen Niveau gëtt, fir hir Kontrollfunktioun assuméieren ze kënnen. Wann d'Wirtschaft sech globaliséiert, da musse sech och déi staatlech an iwwerstaatlech Autoritéiten d'Moyenë ginn, fir Schratt ze hale mat dëser Entwécklung, soss gesi si de Géigner ëmmer nëmme vun hannen. Do kënnt also nach en enorme Chantier op eis duer an de Projet, dee mer haut hei stëmmen, ass do nëmmen e klenge Mosaiksteen dran.

Här President, ech wollt och dann nach bemierken, dass mer et ganz erfreelech fannen, dass mer hei eng Direktiv vum 5. September 2007 ëmsetzen, déi ereischt den 21. Mäerz 2009 a Kraaft triede soll. Mir leien do also, fir eng Kéier, ganz gutt an den Délaien. Ech wollt dat emol eng Kéier ganz positiv ervirsträichen.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, ech gesinn, och déi aner Fraktiounen deelen d'Konklusioune vum Här Negri, an deementspriechend komme mer elo zum Vote vun dësem Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5810 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Christine Doerner), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Alex Bodry) et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

## 4. 5780 - Projet de loi modifiant la loi du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière (suite)

Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi 5780.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5780 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Alex Bodry) et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Projet, dat ass de Projet 5851, eng Konventioun iwwert den Terrorisme nucléaire. D'Wuert huet de Rapporteur, déi honorabel Madame Doerner.

## 5. 5851 - Projet de loi portant approbation de la Convention internationale pour la répression des actes de terrorisme nucléaire, ouverte à la signature à New York, le 14 septembre 2005

***Rapport de la Commission juridique***

**Mme Christine Doerner** *(CSV), rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Stéchwuert vun dësem Projet ass Terrorismus mat radioaktivem Material.

D'UNO-Konventioun zur Bekämpfung vun nuklearterroristeschen Handlungen ass am Juli 2007 a Kraaft getrueden. Et ass net déi éischt Antiterrorkonventioun, déi Lëtzebuerg an eist nationaalt Recht ëmsetzt, mä et ass déi rezentsten an enger Serie vu bal 13 internationale Verträg, déi d'UNO nom 11. September 2001 weidergedriwwen huet.

D'Infraktioun vum „acte terroriste" ass an eisem Code pénal am Artikel 135 verankert. Dëst neit Instrument soll elo ganz speziefesch dobäi hëllefen, den Zougank zu Atomwaffe fir Terroristegruppen ze verhënneren. D'Initiativ vun dëser Konventioun hat Russland iwwregens schonn am Joer 1997 ergraff, aus der Suerg eraus, dass nom Zerfall vun der Sowjetunioun atomar Sprengsätz, wéi zum Beispill déi Rucksakbommen, net a falsch Hänn komme sollen.

Aus Grënn vu Sécherheet a Weltfridde sinn déi zivil a militäresch Atomprogrammer an Ariichtungen internationalen Normen a Kontrollen ënnerworf. Mä dës Mechanisme versoen awer bei net staatlechen Acteuren. Fir elo de Sënn vun dëser ergänzender Konventioun ze verstoen, muss ee sech d'Fro stellen, mat wat genee kéinte fanatesch Gruppe versichen, Nuklearattacken ze lancéieren, a wéi wahrscheinlech et wär, dass hinnen den Asaz vu bestëmmte Mëttelen tatsächlech geléngt.

Aus Sécherheetskreesser wësse mer, dass haut Nuklearterrorismus mat geklaute Waffen aus engem Militärarsenal oder selwer gebauten Atombommen net sonnerlech wahrscheinlech ass. Alternativ Forme vun Atomterrorismus sinn, am Géigendeel, awer wahrscheinlech, wéi zum Beispill déi sougenannten „schmotzeg Bommen".

Esou eng „knaschteg Spaltbomm" ass d'ailleurs relativ simpel hierzestellen: Konventionellem Sprengstoff, TNT, oder enger Mëschung aus Diesel an nitrathaltegem Dünger gëtt ganz reng gemuelent radioaktiivt Material bäigemëscht. Duerch d'Explosioun vun esou Miniaturbomme gëtt d'Radioaktivitéit an engem gewëssen Ëmkrees verspreet.

Dëst méi schwaacht Strahlematerial léisst sech méi liicht beschafen, well et jo zougänglech ass a medezineschen an industriellen Domänen. Esou eng Zündung an enger Groussstad géif massiv Panik a Kontaminatioun ausléisen. Och d'Poloniumvergëftung…

**M. le Président**.- Ech géif ëm e bëssen Opmierksamkeet fir de Rapporteur bieden!

**Mme Christine Doerner** *(CSV), rapportrice*.- …vum Alexander Litvinenko 2006 zu London weist nach aner Méiglechkeete fir Terror mat radiologeschem Material.

Dat sinn düster Virstellungen, an duerfir gëllt et ganz einfach weiderhin Terrorgruppen nach méi effektiv, an dat weltwäit, den Zougrëff op Atomwaffen a radioaktiv Emissiounsquellen ze verwieren. Well kee Stat dat eleng meeschtere kann, mussen dës Beméiungen och vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt ginn, am Sënn vun der internationaler Kollaboratioun a Solidaritéit.

Och wann hei zu Lëtzebuerg - e Land ouni nuklear Ambitiounen - de Schwaarzmaart an d'Klaue vu Spaltbommen net eis gréisste Suerg ass, esou däerf dëst Thema eis awer net egal sinn. Duerfir huet d'Konventioun, déi mer haut sollen ofstëmmen, e Signalcharakter.

Ech wëll se kuerz virstellen. De Projet de loi besteet aus dräi Artikelen. Den éischten Artikel betrëfft d'Approbatioun selwer vun dësem Traité. Wéi gesäit de Vertrag selwer aus? En enthält 28 Artikelen, an do steet dran, dass all State verflicht sinn, hiert radioaktiivt Material den internationalen Atomnormen entspriechend ofzesécheren. D'Regierunge sinn ugehalen, eng Zesummenaarbecht ze leeschte beim Austausch vu Geheimdéngschtinformatiounen, an och déi ze verstäerken, a potenziellen Nuklearterroriste keen Openthalt ze gewähren.

D'State verflichte sech awer och, all déi strofrechtlech ze verfollegen, déi illegal radioaktiivt Material besëtzen, sech beschafen, fräisetzen oder soss an d'Virbereedung vun Nuklearattacke verwéckelt sinn. Duerfir gesäit den Artikel 2 vun dësem Projet de loi schwéier Strofe vir fir déijéineg, deenen d'Absicht nogewise ka ginn, duerch Nuklearverbrieche Mënschen ëmzebréngen oder ze verletze respektiv Schued u Saachen oder un der Ëmwelt unzeriichten. Strofbar no dësem Artikel 2 ass och d'Erpressung mat Menacë vun Nuklearattacken. Dës nei Strofdoten hunn d'Vocatioun, entweder autonom Infraktiounen duerzestellen, oder awer a Verflechtung mat terroristeschen Absichten.

De leschten Artikel vum virleiende Projet bestätegt de Grondsaz vun der internationaler Geriichtsbarkeet, esou wéi dëse Prinzip sech iwwert déi lescht Joren en droit public international, also am Vëlkerrecht, staark entwéckelt huet. Dat heescht, wann de présuméierten Auteur sech hei zu Lëtzebuerg géif ophalen an net ausgewise wär, da sinn d'Lëtzebuerger Geriichter kompetent, onofhängeg vun der Nationalitéit vum Auteur respektiv vun der Uertschaft vum Land vun der Infraktioun. De Conseil d'État huet zu dësem Projet de loi en Avis ofginn an dëivers redaktionell Ännerunge virgeschloen, déi d'juristesch Kommissioun ugeholl huet.

Ech kommen zum Schluss. Fir ofzeschléisse wëll ech soen: Well dëse Projet de loi eng sécherheetstechnesch Kollaboratioun duerstellt, fir de Gefore vun atomaren Attacke weltwäit wierksam ze begéinen, géif ech Är Chamber bieden, dëse Projet ze stëmmen. Ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, wann déi aner Fraktiounen d'accord si mat de Konklusioune vun der Madame Rapportrice,…

**Une voix**.- Excellent!

**Une autre voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- …da géif ech bieden, dass mer zum Vote vun dësem Projet kommen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5851 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Lucien Thiel), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par Mme Claudia Dall'Agnol), Romain Schneider et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

## 6. Désignation d'un membre du Centre pour l'égalité de traitement (suite)

Ech wollt d'Chamber nach eng Kéier froen, wat de Centre de l'égalité ubelaangt, ech hat dat net ganz prezis gesot, dass mer eis

Chamber TV

**an der Stad:** *um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)* **zu Esch:** *um Kanal S40 (455.25 MHz)*
**zu Déifferdeng:** *um Kanal S 29* **zu Diddeleng:** *um Kanal S 32* **an der Gemeng Nidderaanven:** *um Kanal S 29*